piraten.lu

N°2990
Entrée le 06.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.10.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

An enger rezenter parlamentarescher Fro (n°2963)wollt ech iwwert Ufeindungen opmierksam maachen, déi di jiddesch Gesellschaft a Staatsbiergeer israeelescher Hierkonft aktuell hei am Land erliewen. Wéi d'Plattform virgule.lu an engem Artikel vum 5ten Oktober mellt, gëtt et och am Lëtzebuerger Schoulsystem Ufeindungen an Aggressiounen:

"*Un jeune Israélien a été violemment agressé par quatre élèves d'origine syrienne dans son école au Luxembourg. L'agression, motivée par l'identité juive de la victime, a suscité une réaction ferme de la direction de l'établissement, bien que les agresseurs n'aient pas été expulsés.*"

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Bildungsminister dëse Fall vun Antisemitismus bestätegen?
2. Wéi sécher si Schüler israeelescher an/oder jiddescher Hierkonft aktuell zu Lëtzebuerg?
3. Wéi ferme gëtt an de Schoulen géint Antisemitismus virgaangen?
4. Wäert de Bildungsminister an de Schoulen eng Campagne géint Antisemitismus lancéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés